

Prise de position zu de Manifestatioune vum 4. Dezember 2021 Fondation nationale de la Résistance (FONARÉS)

D'Lëtzebuenger Resistenzorganisatiounen aus dem 2. Weltkrich, déi an der *Fondation nationale de la Résistance* regroupéiert sinn, si schockéiert an entsat iwwer di Evenementer e leschte Samschden an eiser Haaptstad.

Den Ausbroch vun Haass, deen sech do a Form vu gewalttätegen Aktiounen a vun *hate speech* manifestéiert huet ass fir all Gesellschaft eng Menace. D'Besetze vun der *Gëlle Fra*, de Symbol vun der Lëtzebuenger Onoofhängegkeet, an d'Aart a Weis wéi do eng Minoritéit vu Leit, déi anscheinend keng Anung vun der Geschicht vum 2. Weltkrich hunn, de Juddestär fir hir Zwecker mëssbrauchen ass inakzeptabel. Mir soen hei kloer an däitlech: Antisemitismus ass net eng *Meenung*; Antisemitismus ass e *Verbriechen*. Hunn déi Leit wiirkelech vergiess, datt d'Naziën Milliounen vu jiddesche Fraen, Männer a Kanner ëmbruecht hunn? Déi historiesch Tatsaache verdréien ass och e Crime! D'FONARÉS dréckt heimat de jiddeschen Matbierger *innen hir Solidaritéit aus.

Mir hunn als Verrieder vun de Resistenzorganisatiounen den Opdrag ëmmer nees drun ze erënneren datt den Nazi-terror an d'Nazi-propaganda op d'mannst 60 Milliounen Mënscheliwe kascht hunn. Dofir maache mir en Appell un eis all, d'Zivilgesellschaft an d'Regierung, datt se sech allen Haasspriedegten, allen nationalisteschen Ideologien, alle rassisteschen, friemefeindlechen an antisemitischen Ausbréch vun Ufank u widdersetzen.

An dat fenkt un mat der Aart a Weis wéi mer mateneen schwätzen a watfir Wieder mer gebrauchen. Well d'Wieder, déi mer gebrauchen sinn nët onschëlleg: si setze sech an de Käpp an an den Häerzer vun de Leit fest a pervertéieren lues a lues eis Wäerter. Si sinn di 1. Etapp zur Gewalt, sou wéi dat e leschte Samschden de Fall war.

Mir müssen d'Rechter op Fräiheet an op geliewten Demokratie héich halen an dowéinst müsse mir all deenen, déi eis demokratesch Grondrechter mëssbrauchen kloer Grenzen setzen. A mer müssen eis ëmmer nees déi Wäerter, fir déi di Fraen a Männer durch d'Hell vum Nazi-terror gaange sinn, virun Aë féieren: Dialogbereetschaft, Respekt ee virun deem aneren, Respekt vun de Mënscherechter, Solidaritéit. Di Aart a Weis wéi eenzel *Querdenker* sech mat Resistenzler vergläichen ass fir eis en Affront fir d'Resistenzler, déi am 2. Weltkrich hiert Liewe riskéiert hunn am Kampf géint de Nazirégime.

Dofir ënnerstëtze mir all Efforen déi engem groussen Public et erméiglechen, sech besser an der Geschicht vum 2. Weltkrich erëmzefannen an di néideg Lektioenen fir d'Liewen an eiser Gesellschaft vun haut ze zéien:

- Studiefahrte mat jonke Leit an Erwuessenen a fréier Konzentratiouns - a Vernichtungslager,
- d'Aarbecht vum *Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale* a weise besonnesch op hir 34 Säite Brochure vun 2020 iwwer den 2. Krich an d'Initiativ vun der *Rucksaksbibliothék*,
- d'Sensibilisatiounsaarbécht vun de Schoulen am Land a besonnesch déi vum *Zentrum fir politesch Bildung*.

De Comité vun der Fondation nationale de la Résistance.